Generalsekretariat

CSV, LSAP, DP, Déi Gréng, ADR, KPL, Déi Lénk, d'Piraten, Fokus, Déi Konservativ

Objet: Protectioun vum gebautenen architektoneschen Ierwen (patrimoine architectural)

Dir Dammen, dir Hären,

well déi kommunal an parlementaresch Wahlen bevirstin, erlaabt sech d'LDF är Positioun anzehuelen zum Thema « Protectioun vum architektoneschen Ierwen » an dësem Land.

D'LDF huet e.a. als Aufgab all Associatiounen am Land déi an hieren Statuten d'Verdeedegung vum gebautenen an architektoneschen Ierwen als Objet stoen hun, ze federéieren. D'Federatioun mecht, ënner anerem, den Lien tëschent sengen Member - Organisatiounen an den Administratiounen, de politeschen an ëffentlechen Instanzen an och zu der Press an de Medien allgemeng.

Eist Uleies ass vun ëffentlechem Interessi, dofir wäerten d'Froen an är Äntwerten och op eisen sozialen Medien an op eiser Internetsäit *www.ldf.lu* veräffentlecht gin an un eis Memberen virungeleed gin.

Den conseil d'administration vun der LDF seet elo schons villmools merci datt der iech d'Zäit huelt fir Positioun ze huelen.

**FROEKATALOG – kommunal an national Wahlen 2023**

1) Wéi wichteg ass fir iech d'architektonescht Bauierwen zu Lëtzebuerg an wéi een Stellewert huet deen an ärer Partei?

2) Ganz Haiserreihen ginn demoléiert fir dann duerch Residenzen ersaat ze ginn. Daat sinn heiensdo einfach Haiser, mee als Ensembel sinn se wertvoll. Och Bauerenhäff, Haiser, esouguer Kierchen déi architektonesch wertvoll sinn, ginn demoléiert, respektiv just d'Fassade bleiwt bestoen, esou dass erhalenswert Intérieuren fir ëmmer zerstéiert gin an ondokumentéiert bleiwen. Waat sin är Virschléi an Moossnahmen fir onst Bauierwen besser virun der Zerstéierung ze schützen?

3) An villen Uertschaften gëtt keng (lokal) Baukultur méi agehalen. Et stinn méistäckeg Gebeier niewent eelere klengen Gebaier, respektiv modern Architektur niewt enger traditionneller. Domadden gin d'Uertsbiller visuell irréversible geschiedegt. Ganz Ensemblen gin visuell enstallt. Wisou gëtt d'Anhalen vun der régionaler / nationaler Baukultur beim Neibau net berécksichtegt, fir dass erëm méi adaptéiert un an am lokaltypeschen Kontext gebaut gëtt? Am Ausland gin et dofir extra Baukulturbroschüren, et gëtt eng Baukulturberodung, et gin « Bouwmeester »…

4) Wéi stid dir zum neien « Patrimoine culturel » Gesetz (Februar 2022)? Sinn ärer Meenung no Nobesserungen néideg? Steet dem INPA (https://inpa.public.lu/fr.html) genuch Personal zur Verfügung, fir hieren séllechen Aufgaben gerecht ze ginn (Inventaire scientifique erstellen, Klassementer, Berodung, Sensibiliséierung, Suivi vun Chantieren,…) ?

5) Vill Gemengen hunn ze wéineg Gebaier an hieren respektiven PAG' en kommunal schützen gelooss (als « construction à conserver ») opwuel dësst awer am Gesetz verlaangt gett (Loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain). Stand Februar 2023: et feelen ëm déi 7.700 (op 80 Gemengen gerechent) Gebaier déi vum INPA als schützenswert repéréiert goufen. Mat wéi engen Moossnahmen kéint een den Taux vun schützenswerter Baustubstanz eropsetzen, respektiv wéi kann een déi Gemengen motivéieren, d'Expertise vum INPA och an der Réalitéit emzesëtzen? Emmerhin gin et Gemengen déi quasi guer keen Gebei schützen iwert hieren PAG (zB Réimech: 1 op 329 Gebeier) an aanerer alleguerten (Nidderanven 220 vun 220). Geet hei d'autonomie communale net vill ze wäit, et geet jo ëm en Intérêt Général, an datt d'Gemengen sech kohärent un de Sënn vun deser Legislatioun och haalen - dësst fir en uniformen Bautenschutz iwert d'Land?

6) Nohaltegkeet, Green Deal, Ëmweltschutz sin Themen déi an der Aktualitéit stin. Misst een Renovatiounen net éischter favoriséieren amplaatz Démolitiounen an Neibau? Stechwuert « Gro Energie »: misst déi net am Energiepass mat a Betruecht gezun gin (esou wéi daat schons de Fall ass an aaneren europäeschen Länner)?

7) D'Zivilgesellschaft fuerdert schon sait Joëren en Ëmdenken. Daat weisen z.B. déi rezent 2 erfollegräich Petitiounen vun « Luxemburg Under Destruction » fir en (Ofrap)-Moratoire anzeféieren. Mee och d'Créatioun vun enger Federatioun weisst daat, graad wéi och den Asaatz vun Asbl'en wéi och den Asaatz vun Privatpersounen, zum Beispill op den sozialen Medien. Wéi gedenkt dir als Partei méi op déi Fuerderungen an Froen déi d'intérêt général sin anzegoen? Lëtzebuerg ass (och laut Kultur Ministär) joërzengten hannendran waat dësst Thema ugeet. Wéi gedenkt dir deen Retard opzehuelen?

8) D'LDF huet och e Fuerderungskatalog opgesaat. Wéi kennen déi Fuerderungen kuerz- bis mëttelfristeg ëmgesaat gin?

**FUERDERUNGSKATALOG VUN DER LËTZEBUERGER DENKMALSCHUTZ FEDERATIOUN**



*« Denkmalschutz ist unser Dank an die Vergangenheit, die Freude an der Gegenwart und unser Geschenk an die Zukunft », Gottfried Kiesow, Deutsche Stiftung Denkmalschutz*

| Impressum | Index |
|---|---|
| | |
| *Herausgeber / Editeur:* | **EDITORIAL** |
| *Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun asbl* | |
| | **1) Een Denkmalschutzgesetz** |
| *www.ldf.lu* | |
| | **2) Ortsbildschutz & ëffentleche Raum** |
| *Copyright LDF* | |
| | **3) Nobesserung PAG‘en** |
| | |
| | **4) Ofrappmoratoire** |
| | |
| | **5) Baumeeschter “Bouwmeester”** |
| | |
| | **6) Baukultur** |
| | |
| | **7) Gro Energie** |
| | |
| | **8) Schoulbildung** |
| | |
| | **9) Ekonomeschen an touristeschen Wert** |
| | |
| | **10) Alternativ an komplementär Finanzmëttel** |

**EDITORIAL**

D'Bauierwen zu Lëtzebuerg ass ëmmer méi der Gefor ausgesat, zerstéiert ze gin an dëst huet ënnerscheedlech Ursaachen. Inefficace Legislatiounen, de Fait datt et iwerhaapt 2 Reegelwierker gëtt fir d'Bauierwen ze schützen (kommunalen an nationalen Schutz), inefficace Applicatioun vun bestehenden Gesetzer: et gëett nach ëmmer keen komplettten Inventaire vun allen erhaalenswerten Gebeier, weder kommunal nach national. D'Gemengen schützen extrem ënnerscheedlech hiert Bauierwen - sie protégéieren iwert hier PAG'en net opgrond vun Expertenwëssen mee opgrond vun elektoralen Considératiounen an opgrond vun Onwëssenheet an finanzielen Iwerleeungen an Interessien mam Resultat datt eist Bauierwen inkohärent erhaalen gëtt. Aaner Gefooren sin: ze wéineg Subsiden, ze wéineg Geschichts- an Kulturbewosstsënn an der Gesellschaft, en iwwerdriwwent Propriétéitsrecht (e Propriétär huet net nëmmen Rechter mee oder Flichten), keng staark Verankerung an der Constitutioun zum Schutz vun der Natur an der Kultur (esouwéi daat an der Schwäiz z.B. de Fall ass iwwert den "Heimatschutz"). Et gin nach aaner Ursachen: "performance énergétique", Grondsteiereforme, Investissiounsfräiheet: Wunnen as keng Fonktioun méi, e Grondrecht, mee nëmmen nach eng Wuer. Mee denken mer dach all drun datt et keng kulturel Produktioun vun enger Gesellschaft gëtt déi méi visibel an méi "konsumméiert" gëtt wéi gebauten Kultur. Se steet iwwerall, mir gin dran an- an aus, all Daag, mir gesinn se all Daag. Mer erliewen se all Daag. Zu Lëtzebuerg awer zerstéieren mer genee däss Kultur an engem Tempo deen kaum oder net international unzetreffen ass, ausser a Krichssituatiounen. Denken mer drun datt déi gebauten Ëmwelt och soll fir de Mënsch sin, an datt säin Wuelbefannen och mat der Qualitéit vun deser Ëmwelt zesummenhänkt. Dëst as e laang bekanntent sozial-psychologesch Phänomen. Wou ass also eis "Baukultur" haut? Eng Ëmwelt déi net zum Verweilen alued, huet och als Konsequenz datt d'Mënschen net bleiwen an oft plënneren well se sech net mat engem Uert identifizéieren kënnen. D'Sozialliewen an enger Gemeng leit och dorënner. D'Baupolitik berücksichtegt daat iwerhaapt net. Et gin och Nohaltegkeets-Considératiounen: erhaalen an renovéieren/nei notzen ass vill besser wéi neibauen. Denkt un all déi sougennanten "Grô Energie" déi beim Ôfrappen verluer geet an un d'Déponien déi iwwerlaafen. D'Produktioun vun Zement as och e weideren groussen Problem an der CO2-Bilanz. Mir verléieren an engem onverantwortlechen Tempo eist Bauierwen an daat muss ophéieren. De Verloscht ass nie méi ze ersetzen. Verluer as verluer. Lëtzebuerg, respektif iirgendeng Regioun ass net einfach en Standard 08/15. Iwwerall fënnt een elo gebauten "wäiss Këschten" déi eis Baukulturlandschaft zerstéieren an veraarmen loosen. Sie ersetzt a kuerzer Zäit eng Entwéckelung déi iwwert e puer Joerhonnerten entstaanen ass a méi wéi jee eng nohalteg Architektur mat lokalen regionalen Materialien unzebidden hat.

Paul Ewen, LDF President



**1) Een Denkmalschutzgesetz op kommunalem an nationalem Niveau nom engleschen Virbild aféieren**

Zu Lëtzebuerg existéieren 2 Gesetzer, déi sech mam Bauierwen befaassen. Daat ass d'Gesetz vun 19.07.2004 „Loi du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain "an d'Gesetz vum 25.02.2022 iwert den „patrimoine culturel" .

D'Gesetz iwer den „aménagement communal" beseet ganz vaag, dass eng Gemeng e.a. folgend Missioun huet: « *ils ont principalement pour mission de concevoir, de développer, de coordonner et de mettre en oeuvre, au niveau communal, les moyens nécessaires pour garantir le respect du patrimoine culturel ».*

Am règlement grand-ducal vum 08.03.2017 betreffend den Inhalt vun engem PAG deen beseet, dass et „secteurs et éléments protégés d'intérêt communal" muss beinhalten wou Gebaier, déi verschiddenen Kritären entspriechen, geschützt ginn. Do existéieren 4 Status'en : « construction à conserver », « gabarit à préserver », « alignement à préserver » an « petit patrimoine à conserver ».

Bei der Opstellung vun den PAG'en ass et an der Praxis esou gewiecht, dass eng Gemeng vum INPA bei der Begehung begleedt gouf (a gett), an domadden den Gemengen eng 1. Aschätzung virgeschloen huet, waat schützenswert ass an wat net. Déi Gebaier, déi vum INPA als schützenswert repéréiert goufen, sin awer manner genau (an och net bannenan) opgeholl gin an dëser Prozedur - dësst entsprecht engem Schnellverfahren an eben net enger präziser wëssenschaftlecher Dokumentatioun.

D'Gesetz iwert den « patrimoine culturel », och nach Denkmalschutzgesetz genannt, ass do schon méi genau, an behandelt am Kapitel 3 „patrimoine architectural" d'Conditiounen, d'Klassementsprozeduren an den Inventaire, fir dass en Gebai den Status kritt als „patrimoine culturel national".

Wéinst der « autonomie communale » kënnt et dann viir, dass Gemengen ganz wéineg, mëttelméisseg oder ganz vill an hierem jeeweilegen PAG kommunalem schützen. Esou kënnt et dann dozou dass iwerhaapt net kohärent kommunal geschützt gett. Skuril Resultater kommen dobäi eraus zB existéieren Gebaier déi nëmmen den klengsten Schutzstatus hun op kommunalem Niveau (« alignement ») an daat obwuel se déi national Schutzkritären erfëllen an national geschützt sin. Komplett Inkohärenz!

Ze bemierken ass awer och datt probéiert gouf en « Lien » ze schaafen zweschent den 2 Legislatiounen.
Well: all déi Gebaier, déi um PAG als « construction à conserver » vermierkt sin, sin dann och duerch daat rezent Denkmalschutzgesetz liicht geschützt - well et besteet hei eng Meldepflicht un den Kulturminister wann een dann säin Immeubel well ëmbauen, renovéieren oder ôrappen. De Kulturminister kann dann agräifen.

E puer Zuelen: Stand Februar 2023 sin 14 Gemengen déi nëmmen 0-59% Bausubstanz geschützt hun déi vum INPA repéréiert gouf, 21 Gemengen 60-79% an 45 Gemengen, dei 80-100% Bausubstanz op kommunalem Plang geschützt hun an hierem PAG. 7.704 (op 80 Gemengen gerechent) Gebeier feelen demno!

Sou kënnt et dann och dauernd vir, dass weder daat eent Gesetz nach daat aanert Gesetz den néidegen Schutz bidd: Gebaier déi déi national Kritären vum Denkmalschutzgesetz net erfëllen mä awer mat Secherheet den Kritären op kommunalem Plang erfëlle géifen - gin « einfach esou » an ouni Argumentatioun an verschiddenen PAG'en net zereckbehalen - an domadden gin mer (dausende) schützenswert Gebeier fräi fir den Ôfrëss.

Wéinst denen genannte Grënn fuerdert d'LDF en méi kohärent legislativ Reegelwierk, d.h. nëmmen een Denkmalschutzgesetz, sou wéi mir et och an der Ëmwelt hun (1 Naturschutzgesetz) oder 1 nationalt Educatiounsgesetz).

Et kann een sech zum Beispill inspiréieren un der englescher Legislatioun: e System wou schützenswert Gebaier an verschidden Schutzgraden agedeelt gin.
*Listed buildings are graded to reflect their relative special architectural and historic interest.*
*·Grade I buildings are of exceptional special interest;*
*·Grade II* buildings are particularly important buildings of more than special interest;*
*·Grade II buildings are of special interest, warranting every effort to preserve them*

Zu Lëtzebuerg kéint daat esou ausgesin:
a) Grade A: monuments nationaux à caractère exceptionnel (Buergen, Schlässer, Kathedralen, Kierchen)
b) Grade B: monuments nationaux particulièrement importants et présentant un charactère spécifique (authentesch Bauerenhaiser, sielen Bautypen)
c) Grade C : monuments nationaux avec un intérêt particulier, justifiant tous les efforts pour les préserver (Arbechterhaiser, Ensembelen, Haiser dei net méi genuch Authentizitéit hunn).
d) Grade D: patrimoine villageois (einfach Haiser, ouni speziell Architektur, déi awer lokal vun Wichtegkeet ass, Ensembelen, bspw. Kolonienhaiser, Reihenhaiser an de Stied).
e) Grade E: petit patrimoine (Weekräizer, Maueren, Naturelementer, …)
f) Grade F: patrimoine naturel.

D'Kritären zu den Graden sin dann och genee définéiert. Ervierzehiewen wieren e puer Artikelen:

*1) Age and rarity: the older a building is, and the fewer the surviving examples of its kind, the more likely it is to have special interest. The following chronology is meant as a guide to assessment; the dates are indications of likely periods of interest and are not absolute. The relevance of age and rarity will vary according to the particular type of building because for some types, dates other than those outlined below are of significance. However, the general principles used are that:*
*·before 1700, all buildings that retain a significant proportion of their original fabric are likely to be regarded of special interest;*
*·from 1700 to 1850, most buildings that retain a significant proportion of their original fabric are likely to be regarded of special interest, though some selection is necessary;*
*·from 1850 to 1945, because of the greatly increased number of buildings erected and the much larger numbers that have survived, progressively greater selection is necessary;*
*·careful selection is required for buildings from the period after 1945, another watershed for architecture.*

2) *Buildings less than 30 years old: such buildings are not normally considered to be of special architectural or historic interest because they have yet to stand the test of time. It may nevertheless be appropriate to list some modern buildings despite their relatively recent construction – for example, if they demonstrate outstanding quality (generally interpreted as being equivalent to Grade I or II*). The Secretary of State calculates the age of a building from the point at which the ground was first broken.*

E puer (negatif) Beispiller:

Gëtzen, en Bauerenhaff aus dem 18. Jhdt, wat 2020 ofgerappt gin ass. Den Haff huet d'Kritären net erfëllt fir en nationalen Schutz an wor am PAG net kommunal geschützt. En Grad C, sou wéi d'LDF et virschléit, hätt den Haff geschützt.



Miersch, 2 Gebaier, déi aktuell national geschützt sinn, awer am Cader vum Inventaire 2023 hieren Schutzstatus ewechgeholl wärten kréien, daat well se d'Kritären net méi erfëllen (zevill ëmgebaut ginn). Sie sin net kommunal geschützt, domadden kéinten dëss Gebaier an der Zukunft ofgerappt gin. En Grad C, géing dëss Haiser virun enger Demolitioun schützen.





**2) D'Aféieren vun engem Ortsbildschutz nom schwäizer Virbild an Opwertung vum ëffentleche Raum**

*„Art. 78 der Bundesverfassung (CH) verpflichtet den Bund, seine Anstalten und Betriebe Rücksicht zu nehmen auf Landschaften, Ortsbilder und das baukulturelle Erbe. Damit sie sachgerecht zwischen den Anliegen des Ortsbildschutzes und weiteren Staatsaufgaben abwägen können, steht ihnen das Bundesinventar der schützenswerten Ortsbilder der Schweiz von nationaler Bedeutung (ISOS) als Entscheidungsgrundlage zur Verfügung.*

*Absatz 3 … Ob ein Ortsbild ins ISOS aufgenommen wird, wird nach den folgenden Hauptkriterien beurteilt:*
*− **Lagequalitäten:** Beurteilt wird der Situationswert des Ortsbilds, namentlich ob die Grün- und Freiräume um die Bebauung eine ausgeprägte Nah- und Fernwirkung sowie Ein- und Ausblicke garantieren, ob die Bebauung optisch und nutzungsmässig einen starken Bezug zur umgebenden Kulturlandschaft aufweist, ob wichtige Ortsbildteile in topografisch dominanter Situation liegen und ob das Ortsbild an einer bekannten alten Verkehrsverbindung liegt;*
*− **Räumliche Qualitäten:** Beurteilt werden der räumliche Wert der einzelnen Ortsbildteile sowie die Intensität des räumlichen Bezugs zwischen den Ortsbildteilen, namentlich ob die Bauten die Strassen, Plätze und Grünräume klar fassen, ob landschaftsarchitektonisch gestaltete Freiräume eine deutliche Raumwirkung entfalten, ob die Bebauung in ihrer Gesamtform einheitlich ist und im Detail variiert, ob zwischen den bebauten Ortsbildteilen eindeutige Abgrenzungen und offensichtliche Hierarchien bestehen und ob zwischen Bebauung und Kulturland intensive Wechselbeziehungen vorhanden sind;*
*− **Architekturhistorische Qualitäten**: Beurteilt werden der architekturhistorische Wert der einzelnen Ortsbildteile sowie die Ablesbarkeit der Entwicklungsphasen der Siedlung, namentlich ob die Bebauung und landschaftsarchitektonisch gestaltete Freiräume regionalspezifisch sind und eine bestimmte Epoche deutlich illustrieren, ob eine siedlungstypologisch beispielhafte Entwicklung sichtbar ist, ob architekturhistorisch einprägsame Übergänge zwischen den einzelnen Ortsbildteilen vorhanden sind und ob eine Vielzahl an baukünstlerisch, historisch oder typologisch wichtigen Einzelbauten vorkommt.*

*Gemäss Absatz 4 erhalten Ortsbildteile mit Eigenwert aufgrund ihrer Qualitäten eines der folgenden Erhaltungsziele:*
*− **Erhalten der Substanz beziehungsweise der Beschaffenheit als Kulturland oder Freifläche**: Erhalten der Substanz bedeutet, alle Bauten, Anlageteile und Freiräume integral zu erhalten und bestehende Beeinträchtigungen zu beseitigen; Erhalten der Beschaffenheit als Kulturland oder Freifläche bedeutet, die für das Ortsbild wesentliche Vegetation und die Altbauten zu bewahren und bestehende Beeinträchtigungen zu beseitigen;*
*− **Erhalten der Struktur:** Erhalten der Struktur bedeutet, die Anordnung und die Gestalt der Bauten und Freiräume zu bewahren und die für die Struktur wesentlichen Elemente und Merkmale integral zu erhalten;*
*− **Erhalten des Charakters:** Erhalten des Charakters bedeutet, das Gleichgewicht zwischen Alt- und Neubauten zu bewahren und die den ursprünglichen Erbauungsgrund illustrierenden und für den Charakter wesentlichen Elemente integral zu erhalten." (5)*

Sou een Ortsbildschutz nom schwäizer Modell existéiert zu Lëtzebuerg guer net. Daat neit Denkmalschutzgesetz gesäit à priori nëmmen en „secteur protégé d'intérêt national" vir. Sou een Secteur, den bisewell nach nie ausgewisen gouf, gëllt awer net fir eng ganz Uertschaft mä nëmmen fir en klengen Deel dovun : « secteur protégé d'intérêt national » : une zone qui regroupe des parties du territoire en vue de mettre en valeur un ou plusieurs biens immeubles classés comme patrimoine culturel national, de permettre un aménagement adéquat des alentours de ces biens immeubles et de créer, rétablir ou sauvegarder la cohérence architecturale, urbanistique et paysagère des espaces visés »

Dobäi ginn et Uertschaften an Stied, déi sech harmonesch an d'Landschaft intégréieren an wou en ganz interessant architektonescht Bauierwen existéiert. Ze nennen wieren Dierfer wéi Lëllgen am Kiischpelt, Esch/Sauer, Veianen, Lasauvage, etc … Trotz urbanisteschen Instrumenter besteet den Risiko, d'Uertsbiller duerch Neibauten, oder en Agrëff an d'Naturlandschaft, en däitlechen negativen visuellen Impakt kënnen

hunn. Aus dem Grond, muss den Schutz vum Uertsbild och an d'Denkmalschutzgesetz drankommen, an déi Uertschaften an Stied ausgewisen gin, déi en besonnecht Uerts- an Landschaftsbild opweises hun.

Zu dësem Thema passt dann och d'Opwertung vum ëffentleche Raum „espace public". D'LDF fuerdert demno dass elektresch Trafosstatiounen, Elektrokëschten, Radaren, asw, net virun denkmalgeschützten Gebaier an Monumenter, Kierchen an Ensembelen opgeriicht ginn, an falls technesch méiglech, ennerirdesch verluescht ginn. D'Concessionnairen missten an eisen Aen obligéiert ginn, fir als éischt déi staatlech an kommunal Service ze consultéieren, bevir sou eng Infrastruktur installéiert gëtt. Des Weideren erënnere mir un een Règlement-type (RG-type sur les bâtisses, les voies et les sites), den 2018 vum Innenministär ausgeschafft gouf, wou dëss Problematik ernimmt gëtt, och unzewenden. Des Weideren gouf och eng parlementaresch Ufro gemaach zu dem Thema (28.05.2018 FAYOT Franz).





**3) D'Verpflichtung vun de Gemengen hier PAG „constructions à conserver" nozebesseren**

An daat besonnech fir déi Gemengen déi laut INPA wéineg bis guer net vill geschützt hun.
Aktuell ginn et 14 Gemengen / Stied, déi nëmmen 0-59% vun schützenswerter Bausubstanz via PAG geschützt hunn, an 21 Gemengen / Stied, déi nëmmen 60-79% vun schützenswerter Bausubstanz via PAG geschützt hunn. 45 Gemengen / Stied dogéint hunn dogéint 80-100% vun schützenswerter Bausubstanz via PAG geschützt. Aktuell schlechsten Score huet Réimech, mat 329 schützenswerten Gebaier woubäi awer nëmmen 1 Gebai kommunal geschützt gin ass.

Déi momentan Situatioun weist: et feelen ronn 7704 Gebaier déi vum INPA als schützenswert repéréiert goufen (immeubles repérés INPA: 26615 / immeubles effectivement protégés: 18911). Demno fuerdert d'LDF, dass d'Gemengen vum Innenministär opgefuerdert gin, hier PAG'en däitlech nozebesseren op dësem Punkt, daat am Cader vun enger modification ponctuelle. An Zäiten vun der Energiekrise, Klimakrise an Biodiversitéitskrise, wier et nëmmen selbstverständlech all dëss Gebaier ze schützen, baséierend op Nohaltegkeet, Emweltschutz, Erhaalen vun Groer Energie, …

Offziell Statistik www.inpa.public.lu

| # | Commune | PAG en vigueur (régime) | Repérage / Inventaire | Protection via PAG |
|---|---|---|---|---|
| | | | Immeubles repérés | Immeubles effectivement protégés |
| 1 | Beaufort | 2017 | 106 | 86 (dont 2 en partie) |
| 2 | Bech | 2017 | 140 | 121 |
| 3 | Berdorf | 2004 | 37 | 32 |
| 4 | Bertrange | 2017 | 53 | 40 (dont 1 en partie) |
| 5 | Bettembourg | 2017 | 552 | 540 (dont 1 en partie) |
| 6 | Betzdorf | 2017 | 121 | 111 (dont 3 en partie) |
| 7 | Boulaide | 2011 | 114 | 111 |
| 8 | Bourscheid | 2017 | 140 | 89 (dont 7 en partie) |
| 9 | Bous | 2011 | 103 | 79 (dont 4 en partie) |
| 10 | Clervaux | 2017 | 318 | 143 (dont 17 en partie) |
| 11 | Consdorf | 2004 | 57 | 55 |
| 12 | Contern | 2004; modif. ponct. (régime 2011) | 110 | 93 |
| 13 | Diekirch | 2011 | 194 | 173 |
| 14 | Differdange | 2017 | 1640 | 1515 |
| 15 | Dippach | 2004 | 77 | 71 |
| 16 | Dudelange | 2017 | 974 | 734 (dont 2 en partie) |
| 17 | Echternach | 1937; modif. ponct. (régime 1937) | 494 | 447 (dont 1 en partie) |
| 18 | Ell | 2017 | 98 | 89 |
| 19 | Erpeldange-sur-Sûre | 2017 | 78 | 73 (dont 4 en partie) |
| 20 | Esch-sur-Alzette | 2017 | 2968 | 806 (dont 3 en partie) |
| 21 | Esch-sur-Sûre (anc. Esch-sur-Sûre) | 2004 | 59 | 48 |
| 22 | Ettelbruck | 2017 | 457 | 423 (dont 11 en partie) |
| 23 | Feulen | 2017 | 84 | 67 (dont 10 en partie) |
| 24 | Fischbach | 2017 | 68 | 63 (dont 6 en partie) |
| 25 | Flaxweiler | 2017 | 124 | 99 (dont 2 en partie) |
| 26 | Frisange | 2017 | 142 | 86 (dont 20 en partie) |
| 27 | Garnich | 2017 | 105 | 73 (dont 10 en partie) |
| 28 | Grevenmacher | 2017 | 243 | 211 (dont 2 en partie) |
| 29 | Grosbous | 2011 | 39 | 25 |
| 30 | Heffingen | 2017 | 93 | 72 (dont 6 en partie) |
| 31 | Helperknapp | 2017 | 230 | 196 (dont 4 en partie) |
| 32 | Hesperange | 2017 | 389 | 287 (dont 10 en partie) |
| 33 | Junglinster | 2017 | 324 | 217 (dont 19 en partie) |
| 34 | Käerjeng | 2011 | 291 | 181 |
| 35 | Kayl | 2011 | 372 | 313 (dont 1 en partie) |
| 36 | Kehlen | 2017 | 160 | 71 (dont 8 en partie) |
| 37 | Kiischpelt | 2017 | 144 | 133 (dont 4 en partie) |
| 38 | Lac de la Haute-Sûre | 2011 | 72 | 64 |
| 39 | Larochette | 2017 | 230 | 230 (dont 3 en partie) |
| 40 | Leudelange | 2017 | 42 | 20 (dont 2 en partie) |
| 41 | Lorentzweiler | 2017 | 117 | 84 (dont 4 en partie) |
| 42 | Luxembourg | 2011 | 6334 | 5924 |
| 43 | Mamer | 2011 | 75 | 68 |
| 44 | Manternach | 2011 | 209 | 206 (dont 2 en partie) |
| 45 | Mersch | 2011 | 335 | 160 (dont 12 en partie) |
| 46 | Mertert | 2017 | 292 | 124 (dont 3 en partie) |
| 47 | Mondercange | 2017 | 82 | 62 (dont 6 en partie) |
| 48 | Mondorf-les -bains | 2017 | 233 | 162 (dont 13 en partie) |
| 49 | Niederanven | 2011 | 220 | 220 |
| 50 | Nommern | 2011 | 66 | 61 |
| 51 | Parc Hosingen | 2017 | 229 | 185 |
| 52 | Petange | 2011 | 1131 | 181 (dont 6 en partie) |
| 53 | Préizerdaul | 2017 | 131 | 126 (dont 8 en partie) |
| 54 | Putscheid | 2017 | 89 | 65 |
| 55 | Rambrouch | 2017 | 302 | 247 (dont 26 en partie) |
| 56 | Reckange-sur-Mess | 2017 | 86 | 74 (dont 3 en partie) |
| 57 | Redange/Attert | 2011 | 133 | 119 |
| 58 | Reisdorf | 2011 | 35 | 33 |
| 59 | Remich | 2004 | 329 | 1 |
| 60 | Roeser | 2011 | 144 | 86 |
| 61 | Rosport-Mompach | 2017 | 362 | 353 (dont 10 en partie) |
| 62 | Rumelange | 2017 | 347 | 268 (dont 2 en partie) |
| 63 | Saeul | 2017 | 108 | 78 (dont 14 en partie) |
| 64 | Sanem | 2017 | 255 | 126 (dont 1 en partie) |
| 65 | Schengen | 2017 | 449 | 331 (dont 16 en partie) |
| 66 | Schieren | 2017 | 43 | 38 (dont 2 en partie) |
| 67 | Schifflange | 2004 modif. ponct. (régime 2017) | 683 | 202 |
| 68 | Schuttrange | 2017 | 106 | 69 (dont 7 en partie) |
| 69 | Stadtbredimus | 2017 | 108 | 55 (dont 7 en partie) |
| 70 | Steinsel | 2017 | 85 | 78 |
| 71 | Strassen | 2017 | 64 | 12 (dont 1 en partie) |
| 72 | Tandel | 1937; modif. ponct. (régime 2011) | 124 | 114 |
| 73 | Useldange | 2011 | 159 | 134 |
| 74 | Vallée de l'Ernz | 2011 | 110 | 92 |
| 75 | Waldbillig | 2011 | 119 | 82 |
| 76 | Waldbredimus | 2017 | 85 | 80 (dont 6 en partie) |
| 77 | Walferdange | 2004 | 289 | 139 |
| 78 | Weiler-la-Tour | 2017 | 79 | 74 (dont 2 en partie) |
| 79 | Wiltz | 2011 (Wiltz) 2004 (Eschweiler) | 370 | 145 |
| 80 | Winseler | 2011 | 56 | 50 |
| TOTAL | | | 26615 | 18911 |

**Immeubles protégés en %**

| | |
|---|---|
| 14 | 0 - 59 % |
| 21 | 60 – 79 % |
| 45 | 80 – 100 % |

**4) D'Aféieren vun engem Ofrapp-Moratoire fir Gebaier (falls 1-3 net méiglech ass)**

D'LDF ënnerstëtzt d'Petitiounen déi vun der Zivilgesellschaft organiséiert gin sin (Petitiounen 1638 & 2477). Falls déi gefuerdert Mossnahmen 1-3 net méiglech sinn dann muss ebenfalls en Moratoire an Ofrappstopp op Albauten agefouert gin. Dësst bedeit: Fall fir Fall bei enger Ofrappufro muss iwerpréift gin ob d'Gebai erhalenswert ass oder net, daat anhand vun enger kloer geregelter Prozedur mat Recoursméiglechkeeten. D'Prozedur muss ganz schnell goen - bannent ganz kuerzer Zäit muss en Agent vum INPA op der Platz sin an klasséieren oder déklasséieren. En Moratoire géing och hëllefen, dass den INPA kéint mat sengen Matarbechter an aller Rou den Inventaire vum Land opstellen, sou wéi et vum Gesetz virgesinn ass, an daat ouni enner Drock ze sinn.

Hei d'Zieler vun enger däitscher Initiative „Abriss-Moratorium" déi 1:1 zu Lëtzebuerg ëmsetzbar sollt sinn:
*Ein Abriss-Moratorium:*
*+ aktiviert die großen Potenziale im Bestand und bereits versiegelter Flächen für die Schaffung der von Ihnen avisierten 400.000 neuen Wohnungen jährlich. Erhalt, Sanierung, energetische Verbesserung, aber auch Aufstockungen, Erweiterungen und die Anpassung an zukünftige Nutzungsanforderungen sind konstruktive Antworten auf die Wohnungsfrage.*
*+ nutzt den Gebäudebestand als wirksames Mittel gegen Energie- und Klimakrise. Es bewahrt und verwendet die im Material gespeicherte graue Energie. Außerdem vermindert es den Bedarf an energieintensiven und klimaschädlichen Baustoffen wie Beton und Stahl.*
*+ ist ein Schritt zur Kreislaufwirtschaft. Statt Abriss fördert es die Etablierung von Infrastrukturen für die Wiederverwendung von Bauteilen. In der zirkulären Stadt bedarf es schließlich keiner Deponie mehr.*
*+ verhindert Gentrifizierung und Verdrängung in Ballungsräumen, die mit Abriss und Neubau oftmals einhergehen, und begegnet so sozialen Spannungen.*
*+ ist ein Beitrag zur gesellschaftlichen und wirtschaftlichen Transformation. Es steht für die Wertschätzung von Pflege und Reparatur des Bestehenden in seinem ganzen baukulturellen und geschichtlichen Reichtum.*

**5) D'Aféieren vun engem staatlechen Posten Baumeeschter „Bouwmeester"**

Zu Lëtzebuerg gëtt et wéineg Verständnis fir Baukultur. Baukultur betrëfft net nëmmen en Gebai oder eng Architektur mä och den ëffentleche Raum an d'Naturlandschaft.

Jiddereen wëll dass säin Haus an säin Emfëld individuell ausgesäit an net dem aanere gläiche soll. Dofir gëtt ëmmer behaapt dass een bauen soll därfen wéi een daat fir gutt fënnt. Dass een awer net emmer bauen kann wéi een wëll, weisen dach souwisou schons déi sëllechen Bautereglementer déi an de Gemengen existéieren. Do fënnt een dann och den Haaptgronn dofir dass et quasi keng vergeschriwen oder reguléiert Baukultur am Land gëtt: well d'Gemengen engem Bauhär (ze)vill Fräiheet loossen um baukulturellen Niveau an haaptsächlech technesch Preskriptiounen (Dimensiounen vum Gabarit, Recul'en etc) respektéiert mussen gin. DÄ'sthethik spillt eng absolut Nieweroll. Zwar ginn et och Ausnahmen bei de Gemengen mee dat ass ganz rar. Eenzel Gemengen gesin dann och nëmmen eng gewëssen Harmonie fir am Duerfkär viir wou en traditionnellt Ausgesinn erwënscht ass, soss ass awer baukulturellen Chaos duechaus gewënscht.

Remarquen déi mëttlerweil quasi all Bierger am Land schons gemaat huet: ze faarweg, ze gro, keng regionaltypesch Fuarwen an Materialien, Flaachdiecher, keng eenheemesch Sträicher a Beem, Verschampeléierung vum ëffentleche Raum duerch Trafoshaiser, Gabiounen, L-Betonsbléck, asw. D'Lëscht ass immens laang.

Am noen Ausland, zB an der Belsch oder an Holland gin et dofir speziell Experten an den Stied an Gemengen. Sie ginn Bouwmeester oder Rijksbouwmeester (Holland) genannt. Et sin Experten fir d'Baukonscht, d'Baugeschicht, et sin och Architekten. Am däitschsproochege Raum gin et Gestaltungsbeiräte….

D'Missioun vum Rijksbouwmeester (den et säit baal 200 Joër gëtt) an Holland:
- Berodung gin iwer Architektur am ëffentlechen Raum resp. ëffentleche Raum selwer
- Wielt Architekten aus fir Neibauten
- Ennersicht Funktiounen an Alternativen resp. Neinotzung fir Gebaier déi den Staat net méi braucht
- Auswahl vun Kënschtler bei Renovéierungen bei Denkmalen
- Fördert d'Ausbildung vun Architekten
- Iwerwaachung vun der städtebaulecher Qualitéit an och den Gebaier

D'Missioun vum (Stads)Bouwmeester:
- Gestaltung vum ëffentleche Raum
- Wunnéngsbauproblematik/manktem
- Energiewende
- nohalteg Gestaltung vun Mobilitéit an der Landwirtschaft, der Architektur, gebauten an ongebaute Raum, Bauierwen

All "Bouwmeester" ass onofhängeg / neutral!

An Éisterräich huet den Gestaltungsbeirat, den iwregens och neutral ass, folgend Missiounen:
- Beratung: Unabhängige Beratung von Bauherren, Planern sowie öffentlichen Institutionen bei Bauvorhaben (Bürgermeister, Baubehörde).
- Bewahrung: Bewahrung der Qualität des Ortsbildes und der Architektur.
- Verbesserung: Unterstützung der nachhaltigen Entwicklung des Stadtbildes auf Basis hoher architektonischer Qualität.
- Konfliktentschärfung: Frühzeitiges Erkennen und Entschärfen von möglichen Konflikten im Rahmen von Bauverfahren.
- Gegensteuerung: Rechtzeitige Gegensteuerung zu Fehlentwicklungen (z.B. Sanierungen fördern, um Leerstand in Innenstädten zu reduzieren).
- Konfliktvermeidung: Weniger konfliktreiche Entscheidungen durch sachlich fundierte Begründungen.

Lange Rede kurzer Sinn: wéini kritt Lëtzebuerg en staatlechen, onofhängegen an onparteieschen Baumeeschter, den all déi Beräicher wéi Bauierwen, ëffentleche Raum, Landschaft, Landwirtschaft an Mobilitéit ofdeckt? Alles gräift nämlech aneneen. Nohaltegkeet, Biodiversitéit sinn nëmmen e puer Beispiller am Rahmen vum Denkmal- an Naturschutz resp. ëffentlechen Raum déi mateneen funktionéieren. Och d'Baukultur spillt do eng wichteg Roll.


Wou jo vill Gemengen aktuell en Naturpaktberoder astellen oder engem Natursyndikat bäitriede, kéinten och d'Gemengen en neutralen Baumeeschter astellen fir den Décideuren Entscheedungshëllef ze gin. Do derniewent misst et och en staatlechen Baumeeschter ginn, e bëssen e genre « Ombudsman », den Avis'en ausschafft an och neutral ass. Deen misst sech regelméisseg mat den lokalen Baumeeschteren austauschen.

Leider sinn mer nach wäit ewech dovun. Mä et wier heiansdo gutt, wann Lëtzebuerg sech un sou Länner géing inspiréiren.


Inspiréieren kéint een sech och un de Schwäizer.
Am Manifest vum SIA (schweizerischer Ingenieur- und Architektenverein) ass folgendes festgehal:

Was ist Baukultur?
- Teil der kulturellen Identität und Vielfalt
- steht für interdisziplinäre Zusammenarbeit
- ist zeitlich und normal offen
- vereint Form und Funktion
- ist allgegenwärtig
- gemeinsame Herausforderung für die Öffentlichkeit, Auftraggebende, Planende und die Bauwirtschaft
- ist Wirtschafts- und Standortfaktor
- verlangt ein gesellschaftliches Bekenntnis

Dobäi gëtt och d'Klimakrise mat u Bord geholl, daat well Klimaschutz, Baukultur an Biodiversitéit Hand an Hand ginn.



EINREICHUNG (nach Beratung)
07.11.2011



**6) D'Aféieren an den Respekt vun der Baukultur (Promotioun, Sensibilisatioun, Verpflichtung)**

***- Was ist Baukultur?***

*Jeder Ort und jede Region erzählen eine individuelle Geschichte und werden durch unterschiedliche Siedlungs- und Bautypologien geprägt. Durch ortstypische Material-, Farb- und Formensprache ist jeder Ort unterschiedlich und schafft eine andere Atmosphäre. Baukultur bedeutet, dass wir beim Bauen eines neuen Gebäudes oder beim Umbauen eines bestehenden Gebäudes auf diese typischen Merkmale eingehen. Denn das, was baulich neu geschaffen wird, soll gut zu dem Vorhandenen passen und außerdem den Ort qualitativ aufwerten. (WFG Ostbelgien)*

*- Baukultur umfasst die Summe aller menschlichen Tätigkeiten, die unsere gebaute Umwelt verändern. Sie betrifft die architektonische, die funktionale und die konstruktive Gestaltung von Gebäuden, den Städte- und Siedlungsbau, die Formung von Landschaften, Infrastrukturen und öffentlichen Räumen. Baukultur ist auch Prozesskultur und betrifft damit ebenso den Weg, der zu einem „guten Ergebnis" führt sowie Voruntersuchungen und Verhandlungen zur Gestalt der gebauten Umwelt. (Bundesstiftung Baukultur D)*

*- Baukultur erstreckt sich auf alle Aspekte des Bauens und des damit verbundenen Lebens. Was wir heute bauen, ist Heimat von morgen. Die Vermittlung und Förderung von Baukultur ist eines der Kernanliegen des Schweizer Heimatschutzes. Alle Aspekte des Bauens und der Landschaftsgestaltung sind kulturelle Handlungen von öffentlichem Interesse. Der Begriff «Baukultur» umfasst sämtliche dieser Tätigkeiten, die unsere Umwelt und unseren Lebensraum verändern. (Schweizer Heimatschutz)*

Januar 2018, hunn déi europäesch Kulturminister d'Déclaratioun vun Davos „Eng héich Baukultur fir Europa" virgestallt. Déi europäesch Staaten engagéieren sech, fir eng héich Baukultur politesch an strategesch ze verankeren. D'Erklärung vun Davos erënnert drun, dass Bauen Kultur ass an Raum fir Kultur schaaft. Och Lëtzebuerg wor deemols mam Här Xavier Bettel vertrueden. Hei verschidden Artikelen aus der Deklaratioun vun Davos:


*- Hohe Baukultur schont die Umwelt. Sie unterstützt den nachhaltigen Verkehr und eine verantwortungsbewusste Bodennutzung, vermehrt die städtischen Grünflächen und trägt zu Gesundheit und Biodiversität bei.*

*- Das Kulturerbe ist ein zentrales Element hoher Baukultur. Die Art, wie wir das Kulturerbe heute nutzen, pflegen und schützen, wird entscheidend sein für die zukünftige Entwicklung einer gebauten Umwelt von hoher Qualität.*

*- Hohe Baukultur verstärkt unsere Verbundenheit mit dem Ort. Sie ermöglicht der Bevölkerung die Identifikation mit ihrem Umfeld, fördert eine inklusive und solidarische Gesellschaft, wirkt Diskriminierung und Radikalisierung entgegen und unterstützt Integration und Bürgerbewusstsein. Dies ist nicht nur für Stadtzentren und historische Ortsbilder wichtig, sondern für den gesamten Lebensraum Europas, für suburbane und ländliche Räume, Dörfer, Industriezonen und Infrastrukturen.*

Trotz diversen Verpflichtungen, wéi zB d'Förderen vun der Baukultur, Sensibilisatioun an Opklärung bei den Kanner an den Jugendlechen, aaner Grondsätz promouvéieren wéi zB déi positiv Auswierkungen op eis Gesellschaft, politesch Strategien, Baukultur als politescht Ziel, asw. vermësst een d'Thema an d'Diskussioun iwer Baukultur souwuel an der Politik wéi och an der breeder Ëffentlechkeet.

D'LDF fuerdert deemno d'Ausschaafen vun engem Konzept iwert d'Baukultur, seng Promotioun an virun allem d'Opklärung vun der Zivilgesellschaft. Dobäi ass mam KEP „Kulturentwécklungsplang 2018-2028" schon déi éischt Virarbecht geleescht gin, daat mat der Recommandatioun 37 fir en „Centre national de l'architecture" ze grënnen. D'Baukultur MUSS konsequent favoriséiert gin an domadden och bei all Bauplanungen, ob bestehend oder nei, an ëffentlecher Raumgestaltung ugewandt gin.


HOHE BAU- KULTUR
GOUVERNANZ
Hohe Baukultur folgt guter Gouvernanz.
GENIUS LOCI
Hohe Baukultur verstärkt den Genius loci.
VIELFALT
Hohe Baukultur verbindet Menschen.
KONTEXT
Hohe Baukultur führt zu räumlicher Kohärenz.
WIRTSCHAFT
Hohe Baukultur schafft wirtschaftlichen Mehrwert.
FUNKTIONALITÄT
Hohe Baukultur erfüllt ihren Zweck.
SCHÖNHEIT
Ein Ort hoher Baukultur ist schön.
UMWELT
Hohe Baukultur schont die Umwelt.

**7) D'Gro Energie beim Energiepass mat a Betruecht zéien**

Den 08. Februar 2021 gouf an der Schwäiz, am Kanton Genf en Projet de loi déposéiert (projet de loi PL 12869) fir d'Constructioun vun CO2 neutralen Bauten.

Hei d'Zieler vum schwäizer Gesetz:
*Art. 113, al. 1 (nouvelle teneur) :*

*1–Les constructions doivent être conçues et maintenues :*

1. *a) de manière à ce que l'énergie nécessaire à leur fonction soit utilisée économiquement et rationnellement;*

2. *b) de manière à minimiser leur empreinte carbone sur l'ensemble de leur cycle de vie (construction, exploitation, transformation et rénovation, démolition).*

*Art. 113A Empreinte carbone (nouveau) :*

*1– L'empreinte carbone d'une construction correspond au bilan des émissions de gaz à effet de serre durant son cycle de vie.*

*2– Les matériaux de construction à faibles émissions de carbone ou capables de stocker du carbone doivent être privilégiés.*


*3– Pour vérifier le respect de l'article 113, alinéa 1, le Conseil d'État peut exiger que toute construction fasse l'objet d'un bilan carbone.*

*4– Le Conseil d'État définit par voie réglementaire des seuils d'empreinte carbone maximale à respecter selon l'état de la technique.*

D'EU huet 2019 den „European Green Deal" lancéiert fir den Iwergang zu enger ressourceneffizienter an kompetitiver Economie ze schaafen déi bis 2050 eng Klimaneutralitéit erreechen soll. Am Bauwiesen soll dësen Plang d'Kreeslaafwirtschaft während dem ganzen Liewenszyklus vun Gebaier förderen.
An der Schwäiz beschäftegt sech d'Parlament och mat dësem Thema an setzt dobai op den Fokus vun der Trennbarkeet (Recyclage) vun Baudeeler bei Neibauten an Sanéierungen, sowéi op déi gro Energie bei der Konstruktioun vun Gebaier.

D'LDF setzt sech fir en spuersamen Asatz vun den Ressourcen an den Ausbau vun der Kreeslaafwirtschaft an. D'Kreeslaafwirtschaft soll zum engen dozou bäidroen, den Klimawandel ze bremsen andeems Produkter, Materialien an Gebaier méi laang genotzt gin an sou manner Emissiounen fir d'Neiproduktioun ufaalen. Zum aaneren adresseiert d'Kreeslaafwirtschaft och d'Ressourcenknappheet, andeem Materialien weiderverwendt gin an net an den Bauschuttdeponien landen.

Aus dem Grond fuerdert d'LDF, dass dësen Plang vun der Kreeslaafwirtschaft mat an den Energiepass angerechent gëtt, d.h. vum Bau bis bei den Reckbau / Demolitioun. D'Gro Energie bezeechent den net erneierbaren Energieopwand, den noutwenneg ass, fir en Gebai ze bauen, ze erhalen oder zereckzebauen. D'Gro Energie emfaasst déi beim Ofbau vun Ressourcen, Produktioun an Verarbechtung vun Baumaterialien (Dämmstoffer bspw.), den Transport vun Mënsch, Maschinnen an Baudeeler, op der Baustell sowéi beim Réckbau noutwenneg Energie. Je no Materialwiel an – Asatz, ass den Undeel un grôer Energie massiv. Duerch dësen Undeel klammen Emissiounen (CO2). An eben dësen Undeel gëtt beim Opstellen vun engem Energiepass net mat aberechent. Aus dem Grond kann et dann virkommen dass en neit Haus waat nom Standard NZEB (Nearly Zero Energy Building) déi der Klasse AAA entsprëcht, gebaut gëtt, beiwäitem net sou klimafrëndlech ass, daat well d'Gro Energie net mat an d'Berechnung eragefloss ass. Domadden gëtt déi Klass verfälscht.


REDUCE
Erhalten und Weiterbauen
RE-USE
Wiederverwendung von Bauteilen
RECYCLE
Rezyklieren bzw. Gewinnung von Sekundärrohstoffen
RECOVER
Abwärme aus Kehrichtver-brennungsanlagen
Deponie


12 appartements de standing
de 45 à 115m², 1 à 3 chambres
prix fixes et non indexés
Économe
A
B
C
D
E
F
G
Peu économe
Livraison 2025
Commercialisation

**8) D'Bauierwen an Baukultur als Pflichtfach an de Schoulprogramm intégréieren.**

D'LDF ass ganz kloer der Meenung, dass d'Sensibiliséierung schon vun klengem un muss an den Schoulen stattfannen. Nemmen wann ons Kanner eng gutt Bildung an dem Beräich hun, kréien sie daat néidegt Feingespier fir Architektur an Bauierwen an och de Sënn vun enger méi ästhétescher an ugepasster Baukultur. Döss Bildung sollt verpflichtend sin an ugepasst gin fir all Alter respektiv Cycle am Schoulwiesen.

Mam „Labopatrimoine" gëtt et schon eng gewëssen Offer, daat awer op fräiwelleger Basis. Döss Offer ass haaptsächlech fir den Cycle 3 + 4 geduet. Unsech misst daat interessant Konzept integral an de Schoulprogramm vum Fondamental bis an de Lycée mat afléissen.

Och den SCRIPT (Service de Coordination de la Recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques) fuerdert eng pluridisziplinär Strategie am Beräich vun der lëtzebuerger Kultur, dozou gehéiert eben och den „Patrimoine bâti". Kultur muss fir jiddereen zougänglech sinn, an aus dem Grond huet den SCRIPT sou eng Strategie ausgeschafft. Am Beräich „patrimoine architectural et culturel gin 2 Initiativen proposéiert: Eis gebaute Welt – vu gëschter, haut a muer, organiséiert vum IFEN, an et gouf 2022 en Projet, „Lëtzebuerg erliewen" den verschidden thematesch Dossier'en ubidd. All daat baséiert op Fräiwellegkeet, sou dass net all Kand an de Genoss vun souenger Ausbildung kënnt.

Interessant wier natierlech och, wann d'Thema lëtzebuerger Architektur, Bauierwen, an seng Geschicht op der Uni-Belval als Studiengang géing offréiert ginn.

Ofschléissend nach en inspiréierend Zitat: „Baukultur braucht die Fähigkeit aller, die gebaute Umwelt bewusst wahrzunehmen, zu reflektieren und aktiv zu gestalten. Das ist die Aufgabe und Verantwortung baukultureller Bildung" - Konvent der Baukultur, Potsdamer Resolution.



**9) D’lëtzebuergescht Bauierwen als ekonomeschen an touristeschen Wert unerkennen**

- waat fir d’Stad Lëtzebuerg ouni d’Alstad, de Gronn, d’Festung?
- waat wier Veianen ouni seng Buerg an säin aalt Duerf?
- waat wier Zowasch ouni seng Arbeschterhaiser?

D’lëtzebuergescht Bauierwen muss een als ekonomeschen an touristeschen Wert unerkennen. Vill Beruffer, eng jett Firmen hunn sech op den Albau, Renovéierung an Restauréierung spezialiséiert. Ons sinn elo keng offiziell Zuelen geleefeg, mä mir sinn der Meenung, dass den Albau, engen sëllegen Leit eng Arbescht ubitt. Dëss Beruffer hunn Zukunft, daat well se op Nohaltegkeet baséieren. E puer Zuelen aus Frankräich, weisen d’Gewiicht vun dësem Secteur:

- 500 000 Arbechtsplazen, dovun sinn 200 000 bis 250 000 Plazen, déi Bauarbeschten an Baustellen besetzen
- 30 000 bis 40 000 Arbechtsplazen beim Staat, Verwaltungen, Gemengen, Muséen, asw….

Daat wirtschaftlecht Gewiicht am Kultursecteur loung 2019 bei 4,8 Milliarden Euro.

D’LDF fuerdert demno, dass dëss Beruffer, besonneg bei den jonke Leit virgestallt an schmackhaft gemaach ginn. Sou kéinten eeler Beruffer erem nei agefouert ginn, an bestehend Berufer erem attraktiv gemaach ginn. Och eng Aféierung vun engem „Compagnon du Devoir“ sou wéi et an Frankräich oder an der Belsch de Fall ass, géifen dëss Beruffer opwerten.

Och den touristeschen Secteur ass net ze ennerschätzen an bitt enge sëllegen Leit eng Arbecht un. D’LDF muss awer leider feststellen, dass d’Potential nach net ganz erschöpft ass an demno nach méi méiglech ass. Zwar ginn d’Buergen an Schlässer promouvéiert, oder eenzel Stied (Unesco Quartier Stad), mä et feelt beispillsweis eng Lëscht mat den authenteschsten an schéinsten Dierfer aus dem Land.

VISIT LUXEMBOURG

**10) Verschidden finanziell Mëttelen aféieren, alternativ oder komplémentär**

Hei e puer Inspiratiounen an Ideen, déi een hei am Land kéint aféieren:

- Subsiden: national, regional, kommunal
- Fonds de Rénovation du patrimoine National (als Inspiratioun: Fonds de Rénovation de la Vielle Ville)
- Loterie National (als Inspiratioun lotto du patrimoine an Frankräich)
- Crowd Funding (als Inspiratioun DARTAGNANS an Frankräich)
- Mécénat
- Fondation du patrimoine (als Inspiratioun Fondation du Patrimoine an Frankräich)
- Op dem Modell vum National Trust (UK) oder marché patrimoine (CH): historesch Gebeier opkaafen an nees accessibel machen fir Wunnen, Tourismus, …

FONDATION DU PATRIMOINE

Marché Patrimoine
DIE PLATTFORM FÜR BAUDENKMÄLER

Marché Patrimoine
LA PLATEFORME DES BÂTIMENTS HISTORIQUES

LOTO
MISSION PATRIMOINE
AIDEZ À RESTAURER LE PATRIMOINE FRANÇAIS

DARTAGNANS
MOUSQUETAIRE DU PATRIMOINE

# *MERCI, fir är Opmierksamkeet*

Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun a.s.b.l.
c/o André Kirsch
30, rte de Luxembourg    L- 6210 Consdorf
www.ldf.lu    email: info@ldf.lu
RCS Luxembourg: F12808; siège: Luxembourg-Ville
IBAN: LU23 0019 5855 4712 3000